# Cahier de charges VP

Auteur : Nicolas Thill

## 1) Schoulhalen an der VP

An der VP huet den Enseignant oft mat Schüler ze dinn, déi a ville Beräicher Schwächten opweisen an deenen autonoomt Léieren oft schwéier fält. Et ass dofir net ubruecht, grad bei dëse Schüler munchmol méi ewéi ee Module pro Schülergrupp gläichzäiteg mussen ze enseignéieren - an dat ouni dass de Koeffizient deem Méi un Aarbecht obligatorescherweis Rechnung dréit.

- **Den sne/cgfp verlaangt dofir, dass dem Surplus un Aarbecht Rechnung gedroe gëtt andeems de Koeffizient zwéngend no uewen ugepasst muss ginn, wann ee méi Modulle gläichzäiteg enseignéiert.**

D'Mesuren, déi enger Schoul zur Verfügung stinn, wann e Schüler aus der VP opfält mat sengem Behuelen, missten ergänzt ginn. Mécht et wierklech Sënn, hie genau wéi all anere Secondaires-Schüler einfach an eng Retenue ze setzen oder en eng Zäit laang ganz aus der Klass ze huelen, wou en eppes schreiwe muss, an ze hoffen, dass e sech eleng doduerch an Zukunft besser konzentréieren a behuele kann?

- **Den sne/cgfp proposéiert zousätzlech iwwer alternativ Mesuren nozedenken. Méiglech Piste wären d'Deelhuelen un engem Anti-Gewalt-Training, Yoga oder soss enger Sportaart nomëttes no der Schoul. Dëst ass méi produktiv, fir dass de Schüler sech ofreagéieren an duerno erëm méi fokusséiert an der Schoul weiderschaffe kann.**

D'Programmer vun der VP mussen iwwerkuckt ginn. Ze oft gëtt net genuch Wäert op e Widderhuelen an dat praktescht Uwende vun de Léierinhalter, déi de Schüler an der VP beherrsche soll, geluecht. De VP-Schüler brauch manner Theorie, mee dofir méi konkrete Contenu, deen en am Beruffsliewen herno dagdeeglech uwende kann.

- **Den sne/cgfp proposéiert, dass net nëmmen déi éischt 3 Modulle méi praxisorientéiert solle ginn, mee dass een déi transversal Kompetenzen och weiderhin abaut a virun allem spiraleg openeen opbaut. Transversal Kompetenzen, wéi Liesverständnes oder den Ëmgang mat digitale Medie solle méi an de Mëttelpunkt gestallt ginn an net just am jeeweilege Fach zur Uwendung kommen. Esou kann een de Schüler och erëm**

**méi fuerderen, well neit Wëssen net an engem Tirang 'verschwënnt', mee openeen opbaut a beschtefalls och praktesch ëmgesat ka ginn an den Atelieren zum Beispill. Am Endeffekt packe vläicht esou erëm méi Schüler hiren Apprentissage a fannen herno eng Aarbechtsplaz, well dorëms geet et an der Finalitéit jo. [1]**

De Wäerteunterrecht ass eppes, dat fir vill VP-Schüler spéiderhin enorm wäertvoll ass.
Sinn et dach grad Kompetenze wéi Pünktlechkeet, Verantwortungsbewosstsinn, Responsabilitéit, respektvollen Ëmgang asw., déi de Schüler aus der VP herno a senger Ausbildung an a sengem Liewe kënne weider bréngen.

- **Den sne/cgfp proposéiert d'Fach VIESO aus dem Grupp CULGE erauszehuelen an eegestänneg opzeféieren,**

- **Den sne/cgfp proposéiert och hei iwwer alternativ Mesuren nozedenken. E konsequenten Asaz vun Theaterpedagoge fir zilorientéiert Rollespiller, Empathietraining, Artikulatiounscoursen oder d'Übe vu sécherem Optriede viru Leit stäerkt d'Selbstbewosstsinn a esouwuel déi sozial wéi och déi emotional Intelligenz vun de VP-Schüler.**

Vill VP-Klassen hunn am Géigesaz zu de Klassen am EF keen eegene « Stammsall », an deem konkret Léiermaterial grëffbereet ka leie bleiwen. Oft hänkt et also um Enseignant selwer, op hie Material keeft a senge Schüler et matbréngt oder op hie säi Grupp mat non-formaler Bildung vertraut mécht.

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass beim Opstelle vum Joresbudget vun den eenzele Lycéeën der VP eng méi grouss Roll zoukomme soll.
  Oft sinn et nämlech genau dës Schüler, déi en adaptéierte Stammsall mat konkretem Léiermaterial (Rechespiller, Sproochespiller, Kaarten, Plakater, Léierfilmer asw.) oder méi kulturell Aktivitéiten (Visitte vu Muséeën, Besiche vun Theaterstécker, asw.) brauchen.**

## 2) Encadrement vum Schüler an der VP

Aktuell muss den sne/cgfp zwee Constate maachen: Mat der neier Orientatiounsprozedur gëtt de Schüler éischter op 7G wéi op 7P orientéiert. Doduerch geet den Undeel vu VP-Schüler, déi net aus engem Cycle 4.2 kommen, prozentual gesinn erop [2]. Eng Orientatioun op eng 7G heescht awer net, dass elo, wéi vum selwen, all Schwieregkeete sech no an no auswuesse wäerten oder esouguer direkt verschwonne sinn.

Donieft fënnt eng Inklusioun statt vu Schüler mat spezielle Besoinen, ouni dass et eng genau Ofgrenzung vun der VP zum CDI gëtt.

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass et fir den Enseignant aus der VP méi einfach soll ginn, eng komplett Vue op dem Schüler säi Parcours am EF ze hunn. Dëst erlaabt et him ze wëssen, wat scho bis dohinner alles festgestallt an ënnerholl gouf fir dem Schüler ze hëllefen. Esou kann een op 7P vill Zäit mam Erstelle vun Analysen an Diagnostike spueren an all concernéierten Enseignant aus der VP weess ab dem 1. Schouldag iwwert de Schüler Bescheed. De Schüler kann doduerch an enger VP-Klass direkt richteg opgefaange ginn.**

- **Den sne/cgfp proposéiert hei d'Aféiere vun engem « Secret professionnel partagé » a fuerdert, dass och d'Eltere responsabiliséiert gi fir wierklech all Informatioune weiderzeginn.**

- **Wann d'Elteren um Enn vum C4 e Wee fir hiert Kand gewielt haten, deen op 7G zu näischt féiert, muss de « Conseil de classe trimestriel » de Pouvoir kréien, eng Entscheedung zur Reorientatioun och géint de Wëlle vun den Eltere kënnen ze huelen.**

Wann Hëllefe fir Schüler ugefrot ginn, sinn Delaien oft vill ze laang, bis si beim Schüler ukommen.
D'Prozedure si laangwiereg an oft feelt et u speziell ausgebiltem Personal, dat direkt asazbereet ass fir de Schüler an den Enseignant am Klassesall ze ënnerstëtzen. Hei sief d'Beispill vum Sonnerpedagog

genannt, där et net genuch am prakteschen Asaz an de Schoulsäll ginn, déi awer an der Theorie um Pabeier existéieren. Esou gëtt oft op Educateuren zeréckgegraff, fir da mat enger Zort « Team-teaching » de Schüler ze fërderen. Dës Mesure kann awer leider net de spezialiséierten Enseignant ersetzen.

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass den MENJE net u Personal an un Ausbildungsoffere spuert a weiderhi méi spezialiséiert Personal astellt fir zum Beispill d'Equipe ESEB weider opzestocken.**

- **Fir dass dëst Personal am Schoulgebai direkt asazbereet ka sinn, wann et « brennt », mussen ze laangwiereg Prozeduren oder streng hierarchesch Ofleef ëmgeännert ginn.**

- **Dem Schoulmeeschter an der VP, dee vill Erfarung vum Terrain matbréngt, soll d'Méiglechkeet gebuede gi sech nieft senger Aarbecht parallel zum « Instituteur spécialisé » weider ausbilden ze loossen. Nom Ofschloss kann hien Aufgaben zum Beispill als Sonnerpedagog oder als Anti-Gewalt-Trainer am Schoulgebai iwwerhuelen. D'Funktioun vum « Instituteur spécialisé » ass och am « Enseignement secondaire » am Gesetz virgesinn, mee bis ewell ass nach ni op deem Niveau rekrutéiert ginn. Dat muss sech änneren. Och an der VP brauche mir esou spezialiséiert Schoulmeeschteren a Léierinnen.**

- **Bei der Ausbildung op der Uni.lu an och bei de « Formations continues » muss dofir d'Offer un Coursë fir Förder- a Sonnerpedagogik ausgebaut ginn. Dëst Wësse soll net just den Enseignantë virbehale sinn, déi an engem externe Kompetenzzentrum schaffen.**

- **Extern Servicer, déi de Schüler op sengem Parcours begleeden, respektiv him Hëllefen ubidden, mussen iwwert d'ganzt Land flächendeckend verdeelt ugebuede ginn.**

Déi nei geschafe Kompetenzzentren, déi op eng spezifesch Problematik spezialiséiert sinn, si leider oft net d'Léisung fir e Schüler aus der VP. Wat nämlech maachen, wann e Schüler aus der VP gläichzäiteg verhalensopfälleg ass an derbäi och nach eng sougenannten Dys-Problematik huet? Dee passt an dëst Konzept néirens richteg eran.

- **Den sne/cgfp fuerdert dofir méi Flexibilitéit am Contingent, fir dass d'Schoul spontan spezifesch Mesurë fir een oder méi Schüler kann organiséieren. Als Beispill sief hei en temporären « Team-teaching » genannt.**

- **Den sne/cgfp proposéiert dofir d'Aféiere vun engem « Coefficient multiplicateur ».**

Inklusiv Mesuren an zousätzlech Hëllefe fir de Schüler bréngen en erhéichten Zäitopwand fir all concernéierten Enseignant mat sech. Mat dem Schafe vu weidere Servicer, wéi ESEB oder SE gëtt de professionellen Echange vun Informatiounen ëmmer méi wichteg an zäitopwänneg. Deem Surplus u Reuniounen a Concertatioune gëtt néirens an der Tâche Rechnung gedroen

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass endlech deem erhéichten Zäitopwand Rechnung gedroe muss ginn an dass bezuelte Concertatiounsstonnen ageféiert ginn.**

Vill Enseignanten aus der VP si Member an der CIS vun hirem Lycée. An de Lycéeë mat VP kënnt déi CIS e puermol pro Trimester zesummen. Déi gesetzlech virgesinnen Aufgabe vun der CIS bedeite fir d'Memberen aus dëser Kommissioun een erhéichten Zäitopwand, deem net Rechnung gedroe gëtt.

- **Den sne/cgfp fuerdert dofir, dass eng Decharge CIS ageféiert gëtt.**

## 3) Orientatioun an d'Beruffswelt

Den sne/cgfp stellt sech Froen zur reeller Zukunfts-perspektiv vun de Schüler aus der VP. Kann eng «Voie de préparation», esou wéi den Numm et seet, also haut nach op de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart, deen ëmmer méi héich qualifizéiert Aarbechtsplazen ubitt, «preparéieren»? Wéi vill Schüler aus enger VP schléissen eng Ausbildung erfollegräich of?

Um Niveau CCP ginn et net genuch Léierplazen an ze wéineg Patronen, déi bereet sinn auszebilden. Dëst ass virun allem e Problem fir Meedercher, wa si an engem ‚traditionell weiblechen' Ausbildungsberuff bleiwe wëllen.

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass virun allem op CCP Niveau méi Offere musse geschafe gi fir en Apprentissage ze maachen. De Staat, an och d'Gemenge mussen hei an d'Flicht geholl gi fir genuch Léierplazen ze garantéieren.**

- **Zousätzlech soll de Betrib méi ënnerstëtzt ginn, wann hien e Schüler aus der VP ausbilt. Vill ausbildend Privatbetriber hu just e puer Mataarbechter a kënne sech e net eleng der Fro vun Ausbildung unhuelen a se erfollegräich meeschteren.**

- **Fir Schüler, déi an der Schoul inklusiv Mesuren haten, muss d'Ausbildungsoffer vergréissert ginn. An der aktueller Ausbildungswelt kommen dës Schüler an der Schoul zwar weider, mee an de Stagen oder der Ausbildung weise sech dann d'Limitte vun schoulëscher Inklusioun.**

- **Den sne/cgfp proposéiert, d'Offer vun Ausbildungen, déi an de Lycéeë selwer ugebuede ginn, ze erhéijen an d'Krittäre fir gëeegent Personal anzestellen ze iwwerdenken. Well et u « Maîtres d'enseignement pratique » feelt, muss een engem intresséierten Enseignant aus der VP d'Méiglechkeet kënne ginn, sech niewent senger Aarbecht professionell weiderzebilde fir duerno kënnen Ausbildungen an der « Voie Professionnelle » unzebidden.**

Um Niveau DAP ass et fir frankofon Klasse schwiereg, genuch Léierplazen ze fannen, well Patrone feelen an net genuch Programmer op franséisch ugebuede ginn.

- **Den sne/cgfp verlaangt eng Interventioun. Wann esou Klassen existéieren, muss dem Schüler mat DAP-Diplom och herno déi selwecht Perspektiv ugebuede kënne gi wéi dem Schüler aus enger net-frankofoner Sektioun.**

Et si virun allem de schouleschen Niveau an der Mathé an an de Sproochen, déi et dem Schüler oft net erlaben, eng 5AD esou ofzeschléissen, dass duerno all Apprentissagë méiglech sinn. An den Ae vum sne/cgfp muss awer sécher gestallt ginn, dass e Schüler no der 5AD och déi néideg Kompetenzen a Viraussetzunge mat sech bréngt, fir en Apprentissage op DAP-Niveau erfollegräich unzegoen. Vill Schüler schléissen hir Ausbildung allerdéngs aktuell net of, well den Ecart tëschent den Ufuerderunge vun der Beruffswelt an deene vun der Schoul ze grouss ass.

- **D'Krittäre fir Accès op eng Klass 5AD ze hunn a fir se mat Erfolleg ofzeschléisse sinn deemno net glécklech gewielt a mussen iwwerduecht ginn.**

- **Fir d'Klass 5AD muss eng eege Programmkommissioun geschafe ginn. Hei sollten och Vertrieder vun der « Formation Professionnelle » an der « Formation pour Adultes » vertruede sinn.**

- **Fir all Klassen aus der VP an d'Klass 5AD muss eng gesetzlech Basis fir d'Stageperiode geschafe ginn. Si mussen an d'« Grille horaire » stoe kommen, esou wéi et op der CIP-Klass de Fall ass. Grad fir dës Schüler ass esou e « Stage d'observation » nämlech eminent wichteg fir en éischte Kontakt mat der Aarbechtswelt ze kréien a fir sech « en connaissance de cause » fir eng Léierplaz kënnen ze entscheeden.**

- **Schüler, déi net staark genuch si fir dee schouleschen Deel vun enger Ausbildung op CCP- oder DAP-Niveau mat Succès ze packen, mussen zumindest eng Zertifikatioun vun Deelkompetenzen am Kader vun hirer Ausbildung kënne kréien.**

## 4) D'« Voie de Préparation » an d'Lëtzebuerger Gesellschaft

Eng Orientatioun an d'« Voie de Préparation » gëtt oft als 'Echec' ugesi bei den Elteren, wëlle si dach « dat Bescht » fir hiert Kand. Dëst ass e gesellschaftleche Phenomeen, deen ee sécher net nëmmen hei am Land fënnt. Mee wat ass dat Bescht? Schliisslech geet et jo dorëms, déi bescht Schoul fir d'Kand auszewielen, déi bei seng Virstellungen a Capacitéite passt, an net dorëms, d'Kand mordicus wëllen an eng Virstellung vun den Elteren ze pressen.

Den sne/cgfp invitéiert de MENJE, eng Promotiounscampagne fir d'VP an och fir d'Handwierk ze starten, well een och hei Zefriddenheet an Erfolleg am Beruff kann hunn.

Mee och um schouleschen Terrain ass weider Informatiounsaarbecht néideg. D'Informatiounen un d'Enseignanten aus dem C4 musse méi konkret a breet gefächert ginn. Nëmme wann den Enseignant aus dem C4 genau Bescheed weess iwwert d'Fonctionnement an d'Finalitéite vun der VP kann hien d'Eltere genau berode bei der Orientatioun am Cycle 4 vum EF.

- **Den sne/cgfp begréisst déi nei Publikatioun an e puer Sproochen iwwert d'VP a schléit vir, pro « Direction régionale EF » en Informatiounsowend ofzehalen, fir dass intresséiert Enseignantë sech um direkte Wee bei den Enseignanten aus der VP informéieren an hinnen hir Froe stelle kënnen. Dëse perséinleche Kontakt gëtt mat der neier Orientatiounsprozedur an dem Ofschafe vun de landeswäite « Conseils d'Orientation » ëmsou méi wichteg.**

## 5) D'Situatioun vun der Léierin an dem Schoulmeeschter am ESG:

D'Léierin an de Schoulmeeschter ass, am Ënnerscheed zum Professer, ausgebilt fir a méi Fächer kënnen ze enseignéieren an ass also méi polyvalent op den ënneschte Klasse vum ESG asetzbar.

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass dem « Droit d'enseigner » vun der Léierin a vum Schoulmeeschter esouwuel beim Opstelle vum Stonneplang wéi och beim Verdeele vun de Klasse Rechnung gedroe gëtt. Den sne/cgfp versteet d'Suerg, esou mann Stonne wéi méiglech ausfalen ze loossen.**

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass dee Schoulmeeschter deen e Remplacement mécht an doduerch Iwwerstonnen huet, déi Iwwerstonnen och korrekt am Webuntis berechent a bezuelt kritt. Genee wéi am EF muss d'Léierin an de Schoulmeeschter all Iwwerstonn, déi si oder hie schafft, ausbezuelt kréien oder se op de CET kënne setzen. Dëst muss och da gëllen, wa se manner wéi 0,5 iwwert der regulärer Tâche vun 22 Leçone läit.**

E Schoulmeeschter, dee mat sengem Schülergrupp aus der VP eng Aktivitéit plangt, déi net am Stonneplang steet (zum Beispill eng kulturell Visitt), muss a verschiddene Schoulgebaier herno Stonnen nohuelen, well wärend der Visitt Schoulstonnen ausgefall sinn.

- **Den sne/cgfp fuerdert, dass dës Praktike landeswäit ofgeschaaft ginn, well een déi engagéiert Leit um Terrain esou demotivéiert. Et muss hei ëm de Schüler aus der VP goen, dee vläicht fir déi éischte Kéier an en Theater oder e Musée gaangen ass.**

Aktuell läit vill Encadrements- an Disziplinsaarbecht, déi viru Kuerzem nach am « Conseil de Classe » geleescht gouf, eleng beim Regent vun der Klass. Gläichzäiteg awer gouf d'Decharge fir dës Aarbecht vu villen Direktioune gekierzt, an dat och nach ënnerschiddlech vill, ofhängeg jee no Schoulgebai.

- Wann den Enseignant an der VP dës wichteg Tâche iwwerhëlt, da muss sécher gestallt sinn, dass d'Direktiounen och landeswäit déi selwecht Krittären uwende beim Festleeë vun Dechargen. Hei muss de MENJE landeswäit fir Kloerheet an Transparenz suergen.
- Bei der Verdeelung vun de Klassen an der VP muss sécher gestallt sinn, dass dëst national gerecht geschitt an dass all Lycée seng Responsabilitéite muss huelen.



De Nicolas Thill ass Enseignant aus der « Voie de préparation » (VP) am MLG Grevenmacher a Member vum Comité central vum sne/cgfp.

## [1] Wéi wichteg hei en Ëmdenke fir Lëtzebuerg ass, gesäit een och u folgender Statistik :

**Proportion de jeunes de 15 ans ayant une maîtrise insuffisante en :**

**Compréhension de l'écrit**
**25,6 % (Lux.) vs. 19,7 % (Europe)**

**Mathématiques**
**23,9 % (Lux.) vs. 22,2 % (Europe)**

**Sciences**
**23,7 % (Lux.) vs. 20,6 % (Europe)**

**Source: Rapport de suivi de l'éducation et de la formation 2019**

## [2] Hei d'Chifferen zu der Orientatioun op d'« Voie de préparation » :

**Schouljoer 16/17 krute 14,9% vun de Schüler eng Orientatioun op d'VP (=774 Schüler, dovunner 504 um Enn vum Cycle 4.2 an 265 virum Enn vum 4.2)**
**Schouljoer 17/18 kruten 12,1% vun de Schüler eng Orientatioun op VP (=622 Schüler, dovunner 357 um Enn vum Cycle 4.2 an 265 virum Enn vum 4.2)**

**Source: http://www.men.public.lu/fr/actualites/publications/fondamental/statistiques-analyses/statistiques-globales/2016-2018/index.html**